

Schlusswuert vum Nadine Schares als Fraktiounsspriecherin

Merci fir déi verschidden Erklärungen an Détailler. Et sinn ganz vill Punkten op den Dësch komm. Bei puer Punkten sinn mir eis eenz, bei aneren manner.

Mir fannen hei deen een oder anere Punkt aus eisem Walprogramm zréck. Et sinn och sécher Punkten a Projet déi mir mat ënnerstëtzen well se wichteg a sënnvoll sinn fir eis Gemeng an eis Bierger.

Et sinn awer vill Punkten derbäi déi mir vermëssen, resp. deenen mir eng aner Prioritéit ginn hätten. Mir wëssen dass net Alles lo kann ënnerkommen, eis Prioritéiten wieren aanerer. Puer méi grouss Projet setzt een net an engem Joër ëm, mee brauchen Virlaafzäit an Planungen missten iergendwann am Budget optauchen. Puer Beispiller:

- Cabinet médical
- Helfent : hei gët et méi wéi nëmmen den triangle Helfent
- Hoplr App
- Grillplatzen
- Crèche an Naturklass

Mir vermëssen Konkretes zu de Veräiner:

- Wou kënnen se méi Stockage kréien
- Wéi kann een de Benevolat méi stäerken a förderen
- D'Kommunikatioun mat de Veräiner, sech beieneen setzen fir en gudd Mateneen.

An deem Zesammenhang erlaaben ech mir och kuerz op d'Schäfferotserklärung anzegoen déi am Gemengerot vum 07. Juli présentéiert gouf.

Et wor de Punkt 5 vum Ordre du jour. Normalerweis duerfen bei all Punkten Froen gestallt ginn oder eppes gesoot ginn, dat wor awer no der Schäfferotserklärung net erwënscht.

Déi Erklärung huet net vill Neies duergeluecht. Et faalen e puer Stéchwieder wéi Projet A Schwalls, Service Logement, Integratioun, mobilité douce, Natur an Umwelt, gudd Finanzen. 1 Satz zu de Veräiner an der Kultur, mee naischt Konkretes a naischt Präzises, ausser dass se eben um Walprogramm baséiert.

Mir hätten eis do bëssen méi erwaart

Wat eis am Groussen Ganzen fehlt a stéiert:

Et gët iwwerall bëssen eppes gemaach, mee wat sinn déi grouss an noutwendeg Entwécklungen par rapport zum Wuesstem? Sinn mir gudd opgestallt mat eisen Infrastrukturen?

Et fehlt eis e Gesamtkonzept, eng Visioun wéi Bartreng soll wuessen a sech entwéckelen. Dat ganz mat der richteger Kommunikatioun, Transparenz a Biergerbedeelegung.

Eis Approche als CSV ass do einfach liicht eng aaner. Mir sinn bereet wieder am Gemengerot konstruktiv a fair matzeschaffen. Dat selwecht zielt fir eis Leit an de Kommissiounen.

Als Oofschloss wëll ech awer nach am Numm vun der CSV dem ganzen Gemengepersonal e ganz grouse Merci soen fir hier Arbecht an hieren Asatz fir d'Gemeng.

An ech profitéieren an engems fir jidferengem eng ganz schéin Chrëschtzäit ze wënschen an e gudde Rutsch an dat neit Joër.